

Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Proposition de loi concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal. Auteur war d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg, Rapporteuse ass d'Madame Viviane Loschetter. Dem Rapporteur an de Fraktiounen sti jee weils zéng Minutte Riedezäit zur Verfügung. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Grethen an d'Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo d'Rapporteuse vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter!

Une voix.- Den Här Jaerling wollt och nach schwätzen.

M. le Président.- Den Här Jaerling kënnt als véierte Riedner hei op d'Lëscht stoen.

7. 5252 - Proposition de loi de Mme Dagmar Reuter-Angelsberg concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal et modifiant la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 - Présentation conformément à l'art. 60 du Règlement

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG), rapportrice.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de 27. November 2003 huet déi gréng Parlamentarierin Dagmar Reuter-Angelsberg eng Proposition de loi hei an der Chamber déposéiert mam Titel «concernant l'action en faveur de la promotion de l'égalité des chances entre femmes et hommes au niveau communal et modifiant la loi communale modifiée du 13 décembre 1988».

Dës Proposition beinhalt zwee Artikelen. Den éischten Artikel präconiséiert eng paritéitesch Opdeelung tëscht Fraen a Männer an de Gemengekommissiounen. Dat heescht, all Partei oder Gruppement mécht eng paritéitesch Propos vu Kandidatinnen oder Kandidaten fir den Ensembl vum de Posten, déi ze besetze sinn.

En zweeten Artikel präconiséiert d'Schafung vun enger zousätzlecher, enger véierter obligatorescher Kommissioun, nieft der Commission des Étrangers, der Commission scolaire an der Commission des Loyers. Also eng obligatoresch Kommissioun à l'Égalité des chances, déi als Aufgab huet, d'Förderung vun der Chancëgläichheet tëscht Fraen a Männer um Gemengenniveau ze förderen. Dozou soll e Règlement grand-ducal d'Organisation an de Fonctionnement vun dëser neier obligatorescher Kommissioun definéieren.

Esou kéint ee sech zum Beispill virstellen, datt eng Kommissioun dann obligatoresch gëtt, wann eng Gemeng eben eng gewëssen Zuel

vun Awunner an Awunnerinnen huet, an d'Aarbecht vun där Kommissioun och ëmsetzbar ass, souwuel um Niveau vun der politescher Organisatioun wéi och um Niveau vun der praktescher Organisatioun um Terrain.

Dës Proposition de loi huet hir Inspiratioun bei de Revendicatiounen vum Conseil national des Femmes du Luxembourg fonnt, wouzou ze bemerken ass, datt d'Propositione vun engem Gesetzestext vum Conseil national des Femmes du Luxembourg méi wäit ginn, wéi d'Proposition de loi vun der gréngr Fraktioun.

De 14. Mee 2004 huet d'Regierung hir Prise de position bekannt ginn. Déi deemoleg Regierung beschreift hir Position als eng am vollen Aklang mat den Objektiver vun dëser Proposition de loi. Si ernimmt eng Rei vun Engagementer, déi se ënnerschriwwen huet, ënner anerem d'CEDAW-Konventioun, d'Deklaratioun an d'Plattform vu Peking, den Amsterdamer Traité, d'Charte sociale européenne, de Plan d'action 2000 an de PAN fir d'Chancëgläichheet tëscht Fraen a Männer.

Trotzdem fillt déi deemoleg Regierung sech bestätegt an hiren Effort vir Sensibilisatioun op dësem politeschen Niveau a gesäit dofir den Zweck net an, ebe fir aus enger consensueller Politik eng contraignant Politik ze maachen, fir d'Chancëgläichheet tëscht Fraen a Männer ze förderen. Den deemolege Ministère de la Promotion féminine an den deemolegen Innenministère wollten zesummen eng Circulaire commune un déi 118 Buergermeeschtere schécken, fir si drun ze erënneren, wéi wichteg datt e paritéiteschen Equilibre tëscht Fraen a Männer unzestriewen ass, an dofir sech Mëttele ginn, wéi zum Beispill ënner anerem eng Chancëgläichheetskommisioun oder ebe weiblech Kandidatinnen ze förderen.

Den 13. Abrëll 2005 huet de Conseil d'État säin Avis ofginn, an de Statsrot ralliéiert sech am grouss Ganzen un d'Regierung. De Conseil d'État gesäit den éischten Artikel, also dee vun der paritéitescher Propos vu Kandidaten a Kandidatinne vun deene verschiddene politesche Gruppementer, eben als e consensuellen, well d'Kandidature vun de Parteien oder Gruppementer jo net d'office nominéiert sinn, mä duerch de Voté am Gemengerot ebe votéiert ginn oder och eben net votéiert ginn. D'Obligatioun bleift also de facto bei de politesche Gruppementer.

De Conseil d'État proposéiert den zweeten Artikel iwwert d'Aféiere vun enger véierter obligatorescher Kommissioun ze sträichen, well d'Justifikatioun vun enger obligatorescher Chancëgläichheetskommisioun senger Meenung no net gerechtfertegt ass par rapport zu aner potenzielle Revendicatiounen, wéi zum Beispill eng obligatoresch Finanzkommissioun oder eben eng obligatoresch Ëmweltkommissioun.

Doriwwer eraus gesäit de Conseil d'État d'Féminisatioun vun der Sprooch als net kompatibel mat de Reglementer vun der Académie française. Ech muss zwar do allerdéngs soen, datt souwuel de Conseil d'État wéi och d'Académie française zwou wäertvoll an och respektabel Institutiounen sinn, wou d'Fraen allerdéngs drastesch ënnervertruete bliewe bis haut.

De 25. Mee 2005 huet d'Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse sech eng éischte Kiier mat dëser Proposition de loi befaasst. An do waren all Membere sech eens iwwert d'Wichtegkeet an d'Noutwendegkeet vum Inhalt vun där Proposition de loi. Allerdéngs ware majoritairement d'Memberen der Iwwerzeeegung, datt dee consensuelle Wee iwwer Campagnen, iwwer Sensibilisatiounen an iwwer Publikatiounen dee besseren an och dee richteg Wee wier, fir eng reell

Chancëgläichheet, sprich Paritéit, tëscht Männer a Fraen um Gemengenniveau ze erreechen.

D'Argumenter fir e consensuelle Wee bäizebehalen, waren ënner anerem, datt e contraignanté Wee, dat heescht e Wee och iwwer Gesetzestext wéi deen heiten, géif op Käschte vun der iwwerzeegter Politik goen a kéint sech eventuell souguer als kontraproduktiv erweisen. E contraignanté Wee wier och en Agrëff an d'Gemengenautonomie.

Et ass sech och d'Fro gestallt ginn, ob net allgemeng eng Reform vun der Organisatioun an dem Fonctionnement vun de Gemengekommissiounen misst an d'A gefaasst ginn. An et ass sech d'Fro gestallt ginn, ob eng Gemeng iwwerhaupt eng Chancëgläichheetskommisioun hautdësdays nach brauch, déi oft als Alibikommissioun ka beschriwwen ginn, oder ob d'Chancëgläichheetspolitik net iwwert deen direkte Wee vun der Déclaration échevinale an dem Schäfferot kéint mat der Schafung direkt vun engem Service à l'Égalité des chances ëmgesat ginn.

D'Partei, déi d'Proposition de loi déposéiert huet, huet sech de Wieder vum Conseil d'État an och vun där deemoleger Regierung ugeschloss, nämlech datt d'Regierung schonn en etlech Engagementer ënnerschriwwen hätt, an de Gemengenniveau an d'Gemengekommissiounen eng ganz wichteg Roll an der Basisdemokratie spillen, an datt d'Ustriewe vun der paritéitescher Besetzung noutwendeg ass.

Dofir huet d'Vertriederin vun der gréngr Fraktioun als eenzeg Member vun der Kommissioun plädéiert, datt et un der Zäit wier, vu datt eng Verbesserung vun de weiblichen Effektiven an der Gemengepolitik nëmme ganz lues viru gëing, fir duerch ebe contraignant Mesurë méi proaktiv ze ginn op engem Gebitt, wou jiddereen d'Wichtegkeet an d'Noutwendegkeet ënnersträicht.

An enger zweeter Sëtzung, dat war den 9. Juni 2005, huet d'Kommissioun sech kuerz nach eng Kiier getraff, fir eestëmmeg eng Rapporteuse ze nennen, an an der Sëtzung vum 29. Juni 2005 huet d'Kommissioun de Rapport unaniment ugeholl a sech majoritairement géint eng Poursuite vun dëser Proposition de loi ausgedréckt.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Als éischt Riednerin ass agedroen d'Madame Marie-Josée Frank. Madame Frank!

Discussion générale

Mme Marie-Josée Frank (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'absolut Gläichheet tëscht Männer a Fraen an eiser Gesellschaft ass nach ëmmer net erreecht. Dat wësse mer allegueren. Et gëtt nach ganz grouss Ënnerscheeder wat den Undeel vu Fraen a Féierungspositiounen betrëfft, den ënnerschiddlechen Taux d'activité vu Mann a Fra, an net ze schwätze vum Ënnerscheid am Gehalt.

Dës Feststellung gëllt awer och fir d'Participatioun vun de Fraen an der Politik, sief et um nationale wéi och um kommunalen Niveau. Am Moment sëtzen hei an der Chamber 14 Fraen, wat 23% vun allen Deputéierten ausmécht. Och wa par rapport zu der letzter Legislaturperiod zwou Frae bäikomm sinn, esou sinn dach d'Fraen an dësem Haus nach largement ënnerrepräsentéiert.

Wann ech mer dann d'Participatioun vun de Fraen um Gemengenniveau ukucken, esou ass dësen Taux nach méi schlecht: 15% sëtzen nëmme Fraen am Gemengerot, 10% Fraen am Land hei si

Buergermeeschter an 13,7% Frae sinn an de Schäfferéit. Aus enger Etüd vum Conseil national des Femmes geet ervir, dass nëmme 28% vun de Membere vun de berodende Gemengekommissiounen Frae sinn. Dës Chiffere beweisen, dass eng egalitär Participatioun vu Fraen um politesche Liewen an eise Gemengen nach laang net erreecht ass. Duerfir ass all Initiativ, déi als Zil huet, dass méi Frae sech aktiv an der Gemengepolitik bedeelegen, begrëssenswäert.

Här President, d'Proposition de loi, déi mir haut de Mëtteg hei diskutéieren, soll an dës Richtung goen. D'Haaptzil vun dësem Text ass d'Gläichheet tëscht Mann a Fra um Niveau vun der Participatioun vun der Gemengepolitik ze promouvéieren. Ech ginn elo net méi an den Detail vun der Proposition de loi an, well dat huet ganz detailléiert d'Madame Loschetter gemaach.

D'CSV-Fraktioun ass der Meenung, dass d'Obligatioun, paritär Lëscht opstellen, net de richteg Wee ass. D'Fro, déi sech nämlech stellt, ass déi: Wat geschitt wann eng Partei et net fäerdeg bréngt, eng équilibréiert Lëscht opstellen? Och besteet duerch dës Mesure de Risque, dass d'Partei méi domadder beschäftegt wiere fir Quoten anzehalen, wéi op d'Qualitéit vun hire Kandidaten, ob Mann oder Fra, ze uechten.

Une voix.- Très bien.

Mme Marie-Josée Frank (CSV).- Wat bréngt et nämlech, wa Leit op enger Lëscht sinn an awer net am Häerz dobäi si fir guttwëllend matzeschaffen. D'CSV-Fraktioun, wéi iwwerengs och d'Regierung, ass der Meenung, dass den aktuellen Artikel 15 am Gemengesetz net soll ëmgeännert ginn. Duerch dësen Artikel hunn d'Gemenge jo schonns d'Méiglechkeet konsultativ Kommissiounen ze schafen a mat Leit ze besetzen, ob Männer oder Fraen, déi hirer Meenung no déi néideg Qualitéiten hunn, fir si an hirer Gemengenaarbecht ze ënnerstëtzen. D'Obligatioun paritär Lëschte fir d'Besetzung vun de konsultative Kommissiounen opstellen, féiert eiser Meenung no net dozou, dass sech doduerch méi Fraen aktiv an der Gemengepolitik géifen engagéieren.

Här President, den zweeten Deel vun der Proposition de loi gesäit vir, dass an all Gemeng am Land eng Commission consultative à l'égalité des chances entre hommes et femmes muss geschafe ginn. Och wa mir d'Wichtegkeet vun esou enger Kommissioun ënnersträichen, sou stellt d'CSV-Fraktioun sech awer d'Fro, firwat si obligatoresch an all Gemeng misst agefouert ginn.

Haut schonn hu Gemengen duerch den Artikel 15 d'Méiglechkeet eng Commission à l'égalité des chances an hire Gemengen anzesetzen. Deene leschten Zuelen no hu 40 Gemengen hei am Land schonn eng Commission à l'égalité des chances. De Fait, dass mir géint eng obligatoresch Arichtung vun esou enger Kommissioun an all Gemeng si berout dorobber, dass virun allem an deene klengen Gemengen ee seriöse Risque kéint bestoen, dass dës Kommissioun zu enger Alibikommissioun verkënnt, déi nëmme um Pabeier existéiert an a Wierklechkeet net funktionéiert.

D'Kommissioun huet sech majoritairement géint d'Iddi vun der obligatorescher Schafung vun enger Commission à l'égalité des chances ausgeschwat an ass der Meenung, dass een ëmmer iwwert de Wee vun enger volontärescher Politik an der Gemeng méi eng grouss Bedeelegung vu Mann a Fra an der Gemengepolitik kann erreechen.

Bei mir zum Beispill an der Gemeng hu mir 13 Kommissiounen, a wann ech do d'Moyenne kucken,

da sinn do 43% vun de Memberen an eise Kommissiounen Frae. An a menger Gemeng selwer schaffen 68% Fraen, dat heescht, dat ass also vill méi een héijen Undeel wéi Männer a souguer ab deem nächste Joer iwwerhëlt eng Fra de Poste vum Secrétaire communal an eiser Gemeng. Do wou ee Wëllen ass, do ass e Wee, a wou e Wee ass, do fanne mir interesséiert Leit, déi sech eben an de Kommissiounen, respektiv och an der Gemeng engagéieren.

Ech si mir awer bewosst, datt et a ville Gemengen uechtert d'Land, wat d'Bedeelegung vu Fraen an der Gemengepolitik ugeet, net esou roseg ausgesäit wéi a menger Gemeng.

Dofir ass et wichteg, dass och weiderhi sensibiliséiert an informéiert gëtt, firwat an aus wéi enge Grënn, zum Beispill d'Schafe vun enger Commission à l'égalité des chances wichtig ass, an op wéi eng Aart a Weis een e besseren Equilibre tëscht Männer a Fra an deene verschiddene konsultative Kommissiounen kann erreechen.

An dëser Hisiicht ass och eppes Konkretes um Terrain geschitt, an zwar de leschten Dënschdeg hu mir an eiser Gemeng eng Lettre circulaire kritt, déi ënnerschriwwen war vun eiser Familljeminitesch, vum Innenminister a vum President vum Syvicol, deen heibanne sëtzt.

Plusieurs voix.- Ah!

Mme Marie-Josée Frank (CSV).- Do hunn d'Gemengen eng Circulaire kritt an aus där Circulaire geet ervir, d'Gemengen ze sensibiliséieren fir eng Commission à l'égalité des chances entre hommes et femmes ze schafen. All politesch Entscheedung huet iergendwéi Influenz op Mann oder Fra, dofir kann eng Politique d'égalité des femmes et des hommes op kommunalem Niveau aktiv dozou bäidroen, dass déi verschidden Diskriminatiounen tëscht de Geschlechter ofhuelen an dass et zu enger méi gerechter Gesellschaftsform kënnt. D'Buergermeeschteren, déi och dës Note un all déi Kandidaten solle weiderginn, déi an deenen nächste Gemengewahlen wëlle kandidéieren, sollen sech mat dëser Circulaire beschäftegen.

D'Gemengen, déi bereet sinn sech fir eng besser Gläichberechtigung vu Mann a Fra an hirer Gemeng anzesetzen an op ënnerschiddlech Besoine vun deenen zwee Geschlechter anzegoen, kréie Pisten opgezeechent wéi si dës Erausforderunge meeschtere kënnen. Et gëtt gewise wéi eng Instrumenter de Gemengen zur Verfügung kënnen gestallt ginn, wa si d'Politique à l'égalité des hommes et femmes um lokale Plang wëllen ëmsetzen.

D'Schafung vun enger Commission consultative à l'égalité des chances oder d'Kreatioun vun engem Service à l'égalité des femmes et des hommes sinn och e puer Instrumenter op déi d'Gemenge kënnen zréckgräfen.

An ech kéint mir do zum Beispill virstellen, datt een a méi klengen Gemengen vun der Communauté des communes kéint profitéieren a sech esou ee Service kéint organiséieren. Bei där Circulaire handelt et sech souzesoen ëm eng Gebrauchsanweisung, wou d'Gemenge berode ginn awer net forcéiert ginn, wéi een d'Iddi vum Gender mainstreaming um Gemengenniveau kann aféieren an ëmsetzen.

Här President, d'Gemengen encouragéieren a si net zwéngen, dat ass de Wee dee mir musse goen, wa mir zu enger méi grousser Participatioun vu Mann a Fra an der kommunaler Politik solle kommen. Dëst Zil kënnen mir nëmme erreechen duerch eng geziilt Sensibilisatioun an eise Gemengen a wa mir hinne bei der Ëmsetzung mat Rot an Hëllef zur Säit stinn.

Fraen, déi an der Politik sinn, sollen och ee Beispill si fir d'Fraen ze sen-

sibiliséieren an hinne Goût ze maache fir sech politesch ze engagéieren. Well eng Politik, déi vu Fraen a vu Männer gemaach gëtt ass einfach anescht, well Frae ganz oft aner Prioritéite setzen, wéi zum Beispill den Accueil parascolaire an de Gemengen - nëmme fir ee Beispill ze zitieren.

Här President, de Wee, deen d'Proposition de loi virzeechent, ass menger Meinung no de falsche Wee, well een d'Gemeng obligéiert d'Iddi vun der Chancëgläichheet ëmzesetzen. Dofir an aus deene Grënn, déi ech elo genannt hunn, ass eis CSV-Fraktioun net fir dës Proposition de loi.

Ech soen Iech Merci fir d'No-lauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Frank. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Grethen (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech der Rapporteuse Merci soe fir dee Rapport, dee si hei presentéiert huet, dee komplett war, deen neutral war, an et war jo sécherlech net ee lichte Exercice, well si op där enger Säit eng Proposition de loi vun enger Kolleegein ze verteidegen hat, op där anerer Säit awer huet misse hei den Avis majoritaire erëmginn.

An deem Zesummenhang, Här President, géif ech och der Ministesch fir d'Égalité des chances - oder wéi och ëmmer een dat elo soll nennen - mol d'Suggestioun maachen, dass mir wat d'Franséisch ugeet eis eens maache wéi mir dat dann elo maachen. Well d'Académie française, déi hei zitiiert ginn ass, déi ass nach ëmmer der Meinung, ob Mann oder Fra, et wier een ëmmer Rapporteur vun engem Projet oder vun enger Proposition de loi.

(Interruptions)

Elo gëtt et awer och Leit, déi méi progressiv soi-disant sinn, an déi da fir Dammen déi Fonctioun féminisierende wëllen. Do gëtt et déi eng, déi nennen se Rapporteuse, dat geet bei engem Rapporteur nach gutt, bei enger Trainerin ass dat schonn e bësse méi komplizéiert.

Mä, Här President, et gëtt och, besonnesch bei eise walounesche Frënn - an ech kommen nach heihinner, Här President, ënnert dem Afloss vun där leschter, vun der 31. Assemblée générale vun der Assemblée parlementaire vun der Francophonie -, wou och de weibelechen Term fir Rapporteur gebraucht gëtt, an do ass et net Rapporteuse, mä et ass Rapporteure mat engem „e“ hannen um Enn. Sou dass een och vläicht eng Kéier hei zu Lëtzebuerg kéint eenheetlech, wéi soll ech soen, kucke wéi een dat Wuert da soll am franséische Sproochgebrauch benotzen - mä dat nëmme an Klammere, fir dorun ze erënneren, Här President, dass elo d'lescht Woch déi wichteg Assemblée vun der Francophonie war.

An dann, Här President, hate mir jo leschte Sonndeg dee Referendum mat all deem, wat sech do ofgespillt huet ronderëm a während deem Referendum, an ech wëll emol hei op dës Tribün ënnersträichen, dass ouni Europa mir nach laang net esou wäit wieren an dem Mouvement fir gläich Chancen zwësche Männer a Fraen net nëmme an der Politik, mä iwwerhaupt am deegleche Liewen ze erreechen. Et ass haaptsächlech duerch déi Mesuren, déi um europäesche Plang initiéiert gi sinn, déi Mesures antidiscriminatoires, dass mer haut schonn déi Fortschritter par rapport zur Vergaangenheet gemaach hunn, déi mer kennen.

Här President,...

Mme Nancy Arendt (CSV). - Et ass och haaptsächlech duerch d'Fraen, dass mer e „oui“ kritt hunn am Referendum. 60% vun de Frae waren dofir.

Une voix. - Virop zu Schëffleng.

Mme Nancy Arendt (CSV). - Och zu Schëffleng.

(Interruptions diverses)

M. Henri Grethen (DP). - Här President, während den Debatten iwwert de Referendum huet ee sech heiansdo gefrot, ob een als Liberale misst an Deckung goen. Well de Liberalissem ass permanent verdaamt ginn, an et ass haaptsächlech och vun Neoliberalissem geschwat ginn. Wann ee mol eng Kéier dat Wuert Neoliberalissem auserneeën hält, dann heescht et net méi an net manner wéi neie Liberalissem. Dobäi gëtt et fir mech keen neien a keen ale Liberalissem.

Et gëtt einfach nëmme am politesche Mouvement de Liberalissem, deen eigentlech soss ëmmer als Wuert positiv besat ass. Wann an der kathoulescher Kierch zum Beispill d'Leit e bësse méi oppe ginn, da seet een, si gi méi liberal. Wann ee vun engem seet, dass en net méi esou engstireg ass, da gëtt gesot, e wier liberal.

Duerfir, Här President, fannen ech, dass een och an dës Debatt soll un d'Valeur vum Liberalissem erënneren, an déi grouss Prinzipie sinn déi vun der Egalitéit, vun der Fräiheet a vun der Briderlechkeet, an d'Egalitéit ass an dës Debatt e ganz wichtigen Aspekt. Mä Egalitéit, Gläichheet, dat heescht gläich Chancen. Dat heescht awer net Gläichmaacherei!

An ech hunn heiansdo d'Impressioun, Här President, dass ënnert dem Deckmantel vun der Gläichheet oder vun der Egalitéit an der Chancëgläichheet och versicht gëtt, Gläichmaacherei ze maachen.

Här President, ech huelen elo e bëssen en absurd Beispill, mä dat awer fir d'Frae schwätzt: Am Premièresexamen dëst Joer, mä och déi Jore virdrun, hunn d'Meedercher wesentlech besser ofgeschnidde wéi d'Jongen. Et géif jo keen op de Gedanke kommen, fir ze soen am Premièresexamen dierften nëmme esou vill Jongen duerchkomme wéi Meedercher, sou vill Meedercher wéi Jongen. Dat wier jo absolut absurd. Hei geet et einfach nëmme dorëms: Jiddereen, deen d'Chance huet an e Lycée ze goen, Lycée technique oder Lycée classique, dee sech dem Premièresexamen stellt, jidderee soll déiselwecht Chance hunn, déiselwecht Ausgangskonditiounen, et que le meilleur gagne. Och an der Politik.

Mä ech weess, dass d'Rahmebedingungen fir Politik ze maachen, fir sech öffentlech ze engagéieren, fir déi Zäit opzebréngen, dass dat fir d'Männer vill méi einfach ass haut an eiser Gesellschaft och nach trotz allen Efforten, déi gemaach gi sinn, vill méi einfach ass wéi fir d'Fraen.

Mir müssen also dru schaffen alleguer gemeinsam, dass d'Fraen déi Rahmebedingungen kréien, déi se brauche fir sech enger politescher Aktivitéit ze consacrëieren. Dat kréie mer net duerch Gesetzer gemaach. Dat kréie mer net doduerch hiergestallt, dass mer soen, et muss elo per Gesetz esou gemaach ginn. Dat brénge mer nëmme fäerdeg alleguer zesummen, wa mer wirklech déi Konditiounen schafen, déi de Fraen et erlabe sech an der Politik ze engagéieren.

Meng Virriednerin huet gesot, Frae bréngen e wichtigen Apport an d'Debatten eran. Ech gesinn, dass et net nëmme oft méi ziviliséiert hiergeet, wat méi Dammen am Raum sinn, mä awer och dass eng aner Sensibilitéit a ganz oft eng manner grouss Aggressivitéit an

den Debatten ass, ob dat intern an der Partei ass oder och no baussen.

Dofir ass meng Partei, ass d'Demokratesch Partei e resolute Verfechter vu méi Engagement vun de Fraen an der Politik. An dat hu mer jo och bewisen: Mir hate schonn e puer Mol eng Fra, déi Presidentin vun eiser Partei war. Bei eis an der Partei kënne Fraen déi héchste Fonctiounen, an der Partei an och am Stat oder an de Gemenge bekleeden, mä dat ëmmer an engem Esprit vu Gläichheet mat hire männleche Kollegen an och Konkurrenten.

Duerfir, Här President, war ech och frou, dass d'Kommissioun an hirer Majoritéit déi Proposition de loi hei ofgelehnt huet, och wa sympathesch Elementer do dra sinn. Dës Regierung wéi déi viregt Regierung huet op deem Wee scho villes gemaach an et bleift nach en Deel vum Wee ze maachen, dee solle mer zesumme maachen an duerch e konsequenten Engagement nach méi sensibiliséiere fir d'politesch Aufgaben, fir de politeschen Engagement. Ech mengen, dass mer dann ouni Zwang dat erreechen, wat an dës Proposition de loi, déi net ugehall gëtt, soll mat Zwangsmesuren erreecht ginn.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Grethen. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP). - Merci, Här President. Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, well déi Proposition de loi mer eigentlech op den éischte Bléck éischter sympathesch war, hunn ech du probéiert de Pour an de Contre dach e bësse méi genau ënnert d'Lupp ze huelen. An als Gemeingepolitikerin an awer och als Presidentin vun enger Fraenorganisatioun, mécht ee jo am Laf vun der Zäit verschidden Erfahrungen, där gudder mä awer och där schlechter. An och déi hunn ech da probéiert a meng Iwwerleeunge mat eranzebréngen.

Ech kann aus Zäitgrënn, Här President, hei awer elo leider nëmme e puer vun deenen Iwwerleeungen ufieren, déi mech dann awer op den zweete Bléck dozou bruecht hunn, déi Proposition de loi, esou sympathesch se mer op den éischte Bléck dann awer och war, ofzelehnen.

Eng éischt Iwwerleeung zu den obligatoreschen Gläichstellungskommissiounen. Solle mer net higoen an d'Fraen eigentlech nach méi verstärkt wéi bis elo encouragéieren an net forcieren iwwerall matzeschaffen? A solle mer dann net kucken, dass eben an alle Commissiounen interesséiert Fraen ermëzefanne sinn? A wa mer dat wëllen, da mengen ech ass fir jiddere Eenzelne vun eis no den nächste Gemengewahlen eben den Zäitpunkt do, fir ze kucken a senger eegener Gemeng genuch gutt an interesséiert Fraen an d'Kommissiounen eranzekreien.

Wat dann awer elo d'fräiwëlleg Aféiere vun esou enger Gläichstellungskommissioun ubelaangt, géing ech dann awer och de Wee ënnerstëtzen, deen d'Madame Minister zesumme mam Innenminister a mam Syvicol gaangen ass, nämlech emol fir Informatioun, via eng Circulaire an de Gemengen, ze suergen.

Ech mengen, dass een déi Leit emol muss dozou bréngen, dass se iwwerhaupt de Sënn an den Zweck vun der Gläichstellung verënnerechen, well och dat ass leider nach ëmmer net op alle Plazen an

de Gemengen de Fall. Ech sinn awer net mat allem eens, wat soll de But vun där Circulaire sinn a wat an deem Zesummenhang och an der Press stoung.

Ech mengen, dass et illusoresch ass eng Gläichstellungsdelegéiert an déi verschidde Commissiounen ze schécken, well wann ee weess, wéi vill Commissiounen tagen, da sinn ech iwwerzeegt, dass déi dat eleng guer net géing fäerdeg bréngen.

An der Circulaire steet, dass eng Gläichstellungskommissioun eng Analyse comparative vun der Situation vun de Fraen a Männer aus hirer respektiver Gemeng soll maachen. Aus Erfahrung weess ech awer, dass dat a gréissere Gemengen net vun enger Kommission ze realisieren ass. Well wien huet Zougang, éischters emol zu deenen Donnéeën? Wie verschafft déi Donnéeën? A wéini verschafft en se? Dat ka menger Meinung no nëmme eng Persoun sinn, déi vun de Gemengenautoritéiten autoriséiert ginn ass an och agestellt ginn ass, a schlussendlech och den Opdrag krut fir esou eng Etüd ze maachen, an net ee bénévolé Member aus enger Commissioun, dee weder d'Kompetenzen huet nach Zäit fir esou eppes ze maachen.

Eng Commissioun kann à la rigueur, an dat och nëmme wa se gutt besat ass, Richtungen ugin. Mä fir ze gleewen, dass se kann Analysé maachen an och nach Projeten ausschaffen, dat ass, Här President, an dat wëssen all déi Leit, déi schonn an esou enger Commissioun getaagt hunn, eng Illusioun.

Iwwregens ass déi Proposition de loi an engem gewëssene Sënn vill ze vill bescheiden, an ech erkläre mech: Frae stellen ëmmerhin hei zu Lëtzebuerg méi wéi d'Halschent vun der Populatioun, also firwat sollen se sech eigentlech mat esou wéineg wéi enger konsultativer Commissioun, also enger Kommission, wou een zwar därer diskutieren an och soll Pisten opzeechen, mä wou awer kee Mënsch deem muss Rechnung droen, zefridde ginn.

Bei allem Respekt, Här President, mä esou bescheide sinn ech perséinlech dann awer net.

Une voix. - Dat wonnert een och net.

(Hilarité)

Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP). - Kéint Dir, Här President, Iech eng Gemeng virstellen, déi zwar eng Bauten- an eng Verkéierskommissioun hätt, mä wou awer kee Fonctionnaire sech géing ëm de Suivi këmmern?

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Madame Presidentin, kënnt Dir Iech am Eescht hautdësdays eng Gemeng virstellen, wou kee professionell op den Themen Ëmwelt an Nohaltegkeet géing schaffen?

Abee, ech net. Mä ech kennen awer vill Gemengen, wou kee fir d'Gläichstellung zoustänneg ass a wou och keen dofir d'Kompetenzen, respektiv d'Ausbildung huet.

Sou wéi awer zënter Jore kee méi d'Daseinsberechtigung vun engem Service technique a Fro stellt, sou därft eigentlech och e Gläichstellungsservice keen Tabuthema fir e Schafferot sinn. Well menger Meinung no gëtt d'Gläichstellung am Schafferot realiséiert, oder awer och net. A wann de Schafferot bereet ass Geld an Aarbecht heiran ze investieren, da kënnt och eppes Konkretes dobäi eraus.

Wann awer de politesche Wëlle feelt, da kann och déi beschte Commissioun oder dee beschte Service näischt opweisen. An hei soll och mol ugesat ginn, well ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass et Buergermeeschterinnen a Buergermeeschtere gëtt, déi gäre géin-

gen e Service à l'Égalité des chances entre femmes et hommes aféieren, mä déi der Meinung sinn, zu Recht oder och zu Onrecht, se kéinte sech dee vläicht net leeschten.

An hei, mengen ech och, läit den Hues am Pfeffer. Kommt mir kucken, dass se sech e kënne leeschten an noer Zukunft, a kommt mir kucke verschidde Modeller auszeschaffen, déi mer dann de Gemengeresponsabele presentéieren, wéi zum Beispill e puer Gemengen zesumme kéinte schaffen. A kommt mir kucken, wéi mer esou Gemengen da logisteschen an och finanziell besser kéinten ënnerstëtzen.

Ech wëllt dann hei och nach eng Kéier kloerstellen, dass et sech an dës Proposition de loi, entgéint deem, wat ech och déi lescht Wochen hu missen an der Press liesen, net ëm d'obligatorescht Aféiere vu Servicer handelt, mä ëm konsultativ Commissiounen, an dat ass dann awer trotzdeem fir mech e wesentlechen Ënnerscheed.

Zum Schluss, mengen ech, wier et awer och nach wichteg d'Realitäten um Terrain vun alle Commissiounen ze kucken. No de Chiffere, déi de Mouvement écologique an enger rezenter Etüd veröffentlecht huet, hu 40% vun deene Gefrotene - a 40% ass jo awer keng Quantité négligeable - gesot, dass d'Kommissiounen hirer Meinung no eigentlech guer net méi zäitgemäss sinn. Gefrot goufe bei där Etüd mam Titel „Gemeindepolitisches Engagement fördern“, 304 Membere vu Gemengeréit; eng fir eist Land also ganz representativ Zuel.

Mech perséinlech huet deen héijen Taux do eigentlech guer net iwwerrascht, well ech d'Chance hat d'Kommissiounen aus dräi Vuë kennen ze léieren, nämlech als Member, als Sekretärin, mä awer och als Presidentin, an dass ech och op d'Limiten an op d'Contrainté vun esou Commissiounen selwer scho gestouss sinn. Duerfir mengen ech misste mer eis fir d'éischt emol Gedanke maachen iwwert déi bestehend Commissiounen, ier mer géingen anerer obligatoresch dobäi fuerderen.

Ech si perséinlech ganz gäre bereet heibäi matzehëlfen, mä aus deene Grënn, déi ech elo opgefouert hunn, ka meng Fraktioun dës Proposition de loi net ënnerstëtzen.

Ech wëll awer trotzdeem - Här Grethen, wéi ass et, Rapporteuse? - der Rapporteuse da Merci soe fir hir Aarbecht an ech géif Iech dann allegueren och Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

Merci.

Mme le Président. - Merci, Madame Dall'Agnol. Den nächsten a leschte Riedner...

(Interruptions)

Entschëllegt, ech hu geduecht, dat wier en double emploi. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert nach eng Kéier; dës Kéier dann als Spriecherin vun Ärer Partei.

Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG). - Dat nennt een eng duebel Belaaschtung, Madame Presidentin.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, well ech elo schlecht kann der Rapporteuse fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport félicitéieren, wëll ech dofir awer dem Dagmar Reuter-Angelsberg, gréng Deputéiert am Joer 2003-2004, félicitéiere fir hir excellent Proposition de loi, déi si hei an dësem Haus déposéiert huet.

Pour la petite histoire, géif ech gär am Ufank beschreiwen, dass e bëssen Onrou an d'Couloir vun der Chamber komm war, wéi op eemol dës Proposition de loi um Ordre du jour vun der zoustänneger Kommission war. An zwar aus engem symptomatesche Grund.

Well all Fra an all Mann hei an der Chamber, Madame Presidentin, all Fra an all Mann an der Regierung soen an der Öffentlecheet, datt et wichteg, richteg an noutwendeg ass, datt d'Politik eng besser, souguer eng paritéitesch Représentatioun tëscht Fraen a Männer ustrieft. An déiselwecht Leit soen och alleguerten, datt et schued ass, datt bei deene leschten dräi Nationalwahlen de Pourcentage vun de gewielte Frae bei 20% stagnéiert. An dass et och schued ass, datt trotz Sensibiliséierungscampagnë bei deene leschte Gemengewahlen d'Zuel vun de gewielte Frae vun 10 op 15% eropgeklommen ass.

Wann awer Tacheles geschwat gëtt a konkret verbindlech Moosname proposéiert ginn, esou wéi der an all Séance plénière op allen aneren Domänen hei an der Politik an deem Haus gestëmmt ginn, wann et awer ëm d'Thema geet Chancëgläichheet tëschtent Männer a Fraen, da gi vill Leit nervös an der Politik. Well da geet et drëms, vu schéine Sonndesrieden op konkret pragmatesch Förderung eriwwezegoen.

Wa mir all sechs Joer, mat Hëllef vun de wichtegen an noutwendege Sensibilisatiouuncampagnen, de Pourcentage vun de gewielte Fraen an de Gemengen ëm 5% erhéijen, dann dauert et bis d'Gemeengewahle vum Joer 2041, bis mir d'Paritéit um Gemengenniveau erreecht hunn. Dofir, a wa mer eis jo eens sinn iwwert d'Objektiver, déi ze erreeche sinn, huet déi gréng Fraktioun am November 2003 eng Proposition de loi an deem Sënn agereecht.

Madame Presidentin, et ass näischt Revolutionäres. Och déi Gréng hunn et verstanen, datt bei sensibelen Themen et besser ass, d'Politik vun deene kleng Schrëtt ze proposéieren.

An dëser Proposition de loi geet et drëms 1. eng Chancëgläichheetskommissioun ënner verschidde Bedingungen, déi per Règlement grand-ducal festgeluecht ginn, als véiert obligatoresch Gemengekommissioun anzeféieren, an 2. all Partei oder Gruppement an engem Gemengerot dozou ze féieren, och Fraen, an zwar esou vill Frae wéi Männer, ze proposéiere fir an d'Kommissiounen.

Dëst sinn zwou konkret Moosnamen, déi op deem Niveau vun der Politik, wou een am noosten ass bei der Alldagsgestaltung, dat sinn zwou Mesuren, déi sech am beschten eegne fir Fraen, iwwregens och fir Männer, fir d'Politik ze motivéieren.

Déi meescht Politiker, männlech a weiblech, fänken iwwregens an der Gemengepolitik un. Déi meeschte Frae sinn och an der Chancëgläichheetskommissioun erëmzefannen. Dofir sinn d'Chancëgläichheetskommissiounen e wichtegt Instrument, fir engersäits d'Fraen ze fördern an der Politik, an anerersäits Fraepolitik a Chancëgläichheetspolitik an de Gemengen ze fördern. Déi zwou Saachen zesummen droe wesentlech zu enger besserer Ëmsetzung vu fraen- a chancëgläichheetssensibeler Politik bäi.

De Chancëgläichheetsministère souwuel wéi de Conseil national des Femmes ënnerstëtzen dës Chancëgläichheetskommissiounen op ville verschiddene Punkten an assuréieren och nach eng kontinuéierlech Formatioun. Regelméisegen Austausch, Echange vu „best practices“, Aktivitéiten a Projete bréngen eng interessant an eng wäertvoll Dynamik an d'Gemengepolitik.

Haut schwätze mer zum Beispill vun „gender mainstreaming“, „gender budgeting“, „gender“-sensibel Approche bei der Ausschaffung vun neie PAGen, „gender“-sensibel Ausbildung fir d'Personal um Gemengenniveau.

Eng zweet petite histoire ass déi, datt de Fait, datt mer géinge ge-

schwënn iwwert dës Proposition de loi hei an der Chamber debattéieren, dës Regierung drun ernënnert huet, datt si an hirer Prise de position erkläert hat, eng Circulaire erauszeeginn.

Viru genau enger Woch ass dun, mat engem zimlech grouss medialen Opwand - d'Pressekonferenz vun zwee Ministeren a vum President vum Syvicvol -, dës Circulaire erauskomm. An ech wëll hei soen, datt déi gréng Fraktioun dëst ausdrécklech begréisst. Éischstens de medialen Opwand, esou wéi och den Inhalt am grouss Ganze vun dëser Circulaire.

Well all Visualisatioun vun der Chancëgläichheetspolitik ass eng politesch Aktioun en faveur vu méi Gläichheet tëschtent Fraen a Männer, an dofir war et eiser Fraktioun och esou wichteg, dass dës Proposition de loi hei an der Chamber debattéiert gëtt, virun de Gemengewahlen am Oktober.

Well e Rapport presentéieren an enger Chambersdebatt iwwert d'Gläichheet tëschtent Fraen a Männer schwätzen, ass eng Sensibilisatiounsarbecht. Ob et awer duergeet, an ech zitieren den Innenminister bei senger Pressekonferenz, „de Gemengen eng gewësse Paritéit, zum Beispill 40% Fraen ze suggéieren“, woe mir ze bezweifelen. An all déi, déi schonns eng Zäitche mat Gläichheet tëschtent Fraen a Männer sech hu missen ausenaner setzen, missten eigentlech éierlech sinn an och Zweifelen hunn, eis Chancëgläichheetsministesch eigentlech un éischer Stell. Si an hir Partei si schonns zur Konklusioun komm, datt ouni eng gewësse verbindlech Paritéit, nämlech en Drëttel Fraen, et net méi méiglech ass d'Fraeförderung éierlech ze promovéieren.

Obwuel, ech wëll bemierken, datt et eigentlech just eng eenzeg Paritéit gëtt, den Numm seet et, 50/50, mengen ech, fir eben an der Politik vun de kleng Schrëtt ze bleiwen, datt d'Sensibiliséierung eleng net méi duergeet. A méi adequat wier et, an et wier och elo dee richteg Moment fir unzefänke mat contrainquanté Mesuren, esou wéi eng et-lech aner Länner dëst schonns längst erkannt hunn.

Mir musse jo net ëmmer an alle progressistesche Politiken, déi eist 21. Jorhonnert definéieren, d'Lanterne rouge sinn! Finnland huet säit 1995 e Gesetz wat eng minimal Quot vu 40% an alle lokalen an nationalen Gremien imposéiert. Schweden huet säit 1987 eng progressiv Quot agefouert, dëst waren 30% fir 1992, 40% fir 1995 an d'Paritéit am Joer 1998. An effektiv, Schweden huet haut eng paritéitesch politesch Representatioun, an et geet de Schwedinnen an de Schwede ganz gutt dobäi. Eis belsch Noperen hunn 1998 per Gesetz eng Zweedrëttel-Quot an all hire Conseils consultatifs et provinciaux agefouert.

Mme Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Wëssenszoustand, dee mir hunn iwwer Statistiken, Etüden an Analysé vun der Situatioun tëschtent Männer a Fraen an der Politik, déi zähräich Engagementer, déi eis Regierung ënnerschriwwen an och ratifizéiert huet, déi Motiounen a Resolutiounen, déi schonns adoptéiert gi sinn, fir d'Chancëgläichheet tëschtent Männer a Fraen ze fördern, déi verschidde Wahlprogrammer vu verschidde Parteien, fir e besseren Equilibre tëschtent Fraen a Männer wëllen hierzestellen, an zu gudder Lescht och déi Suen, déi a Fraeförderungsprogrammer gefloss sinn, erlaben et net méi, datt mir weider zefridde si mat Sensibiliséierungscampagnen an Explikatiouuncampagnen. Mir mussen, esou wéi an deenen aneren europäesche Länner, op eng nächst Mesure iwwergräifen, eng legislativ Mesure.

Mir sinn a ville Fraepolitiken hanner op der Lëscht, souguer ganz hanner op der Lëscht, wéi, ech zitieren der just e puer, de Pourcentage vun de Fraen, déi schaffe

ginn, de Pourcentage vun de Fraen, déi a Führungspositione sinn, de gläiche Salaire fir déi gläich Aarbecht, d'Zuel vun de Structures d'accueil, d'Fiscalitéit an d'Rente vun de Fraen. Do gëtt et eng kloer Korrelatioun tëschtent dëse politeschen Defiziter fir d'Fraen an der Unzuel vun de Fraen an der Politik. All dës Dés-équilibré kënnen wahrscheinlech nëmme geännert ginn, wa mir fir d'éischt méi Fraen an d'Politik kréien. Well si si ganz einfach déi, déi dovunner concernéiert sinn, Dag fir Dag.

De Wee iwwert d'Gemengepolitik, Gemengekommissiounen, ass deen éischte Wee, deen nooste Wee, fir Frae fir politesch Aarbecht ze sensibiliséieren. Dës Sensibiliséierung muss haut duerch legislativ Mesurë gestärkt ginn, well de gudden Wëllen eleng geet einfach net méi duer.

An zum Schluss wëll ech lech vläicht nach dat wichtigst Argument ginn, firwat et eis Aufgab heibannen ass, mat legislative Mesuren d'Presenz vun de Fraen an der Politik ze fördern an eng Gläichheet tëschtent Mann a Fra ze realiséieren. Et gëtt 51% Fraen an eiser Gesellschaft, et gëtt der 15% um Niveau vun der Gemengepolitik, dat ass en Ecart vu 36%. Et ass schlicht eng Saach vu Basisdemokratie, an et ass un der Politik fir déi noutwendeg Mesuren ze schafen, fir eng gerecht Representatioun hierzestellen.

Dës Proposition de loi ass en éischte kleng Schrëtt an dës Richtung, an dofir invitéieren ech lech am Numm vu menger Fraktioun, dëser Proposition de loi Suite ze ginn, a soen lech Merci fir d'No-lauchteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

Mme le Président. - Merci, Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses)

M. Aly Jaerling (ADR). - Madame President,...

Mme le Président. - Wann en d'Wuert hätt.

Une voix. - Schhhhhh!

M. Aly Jaerling (ADR). - Madame President,...

(Hilarité)

Une voix. - Wann Der d'Wuert kritt, Madame Presidentin!

Une autre voix. - Schhhhhh!

Mme le Président. - Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert!

M. Aly Jaerling (ADR). - ...no deenen engagéierte Virtrëg hei vun de Fraevertriederinnen, déi absolut ze respektéieren sinn, a wou mir och ganz kloer all Frae respektéieren, déi sech fir hir Rechter setzen, därerf een awer an där ganzer Diskussioun eppes net vergiessen, an dat ass nach ëmmer d'fräi Wiel vun der Fra selwer. Ech géif awer mengen, dass emol un alleréischer Stell soll stoen, wat d'Fraen u sech selwer wëllen. Et ka jo net sinn, dass d'Politik ëmmer erëm, oder verschidde Politiken ëmmer erëm higinna versichen, de Fraen eppes ze octroyéieren, wat si vläicht selwer quer net wëllen!

Une voix. - Bravo!

M. Aly Jaerling (ADR). - An dofir wär et schonn emol net schlecht, bei allem Engagement fir d'Rechter vun de Fraen, och alt emol erëm eng kéier hinzugeen a Politiken ze maachen, wou d'fräi Wiel vun der Fra selwer am Mëttelpunkt steet. D'fräi Wiel vun der Fra

selwer, wéi si hiert Liewe wëllt organiséieren, d'fräi Wiel vun der Fra selwer, wéi si hir Famill wëllt organiséieren, an d'fräi Wiel vun der Fra selwer ob se wëllt schaffe goen oder net, an net einfach emol higoen, wéi Verschiddener et maachen, an de Fraen och nach e schlecht Gewëssen arieden, wa se net wëlle schaffe goen oder wa se wëllen dohem bleiwen, fir hir Kaner ze erzéien.

(Interruption)

Ech géif mengen, wann een iwwert d'Fraen diskutéiert an iwwert den Engagement vun de Fraen diskutéiert, egal wou si sech engagéieren, wier emol un alleréischer Stell d'fräi Wiel vun der Fra ze respektéieren! Dat misst eng Prioritéit hunn, an net iergendeng Politik oder iergendeng Ideologie, déi hei einfach soll duerchgebaatscht ginn.

Wat elo déi Kommissioun vun der Chancëgläichheet betrëfft, do kennt Der jo meng Astellung iwwert d'Chancëgläichheet. D'Chancëgläichheet ass net nëmme d'Chancëgläichheet tëschtent Mann a Fra. Chancëgläichheet brauche mer an alle Strukturen an eiser Gesellschaft, Chancëgläichheet brauche mer iwwerall. An et ass schonn, wéi den Här Grethen gesot huet, och ganz richteg, dass international Bewegungen sech effektiv agesat hu fir d'Rechter vun de Fraen, ier se hei a Lëtzebuerg komm sinn. Et ass och richteg, dass déi Bewegung hei a Lëtzebuerg muss weidergoen.

Mä et därerf een awer och eppes net vergiessen, dat ass, dass all Gesetz wat mer hei maachen, wat jo awer vun enger Majoritéit vu Männer hei an der Chamber gestëmmt gëtt, am Interess vu jiddferengem ass, ass Chancëgläichheet fir jiddfereen, fir Mann a Fra.

An de Problem, dee mer hunn, dat ass net de Problem tëschtent Mann a Fra, dat ass de Problem vun der Ëmsetzung an der Praxis. D'Ëmsetzen an der Praxis ass de Problem, dat ass dat wat net fonctionnéiert. Et ass och do wou mer den Hiewel mussen usetzen, dass mer déi Gesetzter, déi gutt Gesetzter, déi mer hei am Interess vun der Fra stëmmen - an ech muss och emol soen, dass dat eent oder dat anert Gesetz souguer, wat mer hei am gudden Wëlle gestëmmt hunn, kontraproduktiv um Aarbechtsmaart ass fir d'Fra -, dass mer musse kucken, dass déi Gesetzter endlech emol an der Praxis ëmgesat ginn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech ginn lech ee Beispill, an ech hunn lech dat och schonn an der Kommissioun gesot: Wann ech da gesinn, dass mer 2.000 Deleagéierten an de Betriber hu fir Chancëgläichheet, an dass do 90% emol net wëssen, firwat dass se do sinn, ech mengen da wësse mer, wou mer den Hiewel mussen usetzen, dass déi Leit an de Betriber, do wou dat wat hei gestëmmt gëtt an der Praxis soll ëmgesat ginn, emol musse forméiert ginn, fir dass dat, wat de Gesetzgeber wëllt, och an der Praxis fonctionnéiert.

A genausou geet et mat där Kommissioun iwwert d'Chancëgläichheet an de Gemengen. Ech menge praktesch all Gemeng huet kee Problem domat, fir eng Kommis-sioun fir Chancëgläichheet anzesetzen. Mä déi Kommissioun, déi muss awer selwer, do muss awer d'Méiglechkeet bestoen, fir jiddferengem d'Fräiheet ze iwwerloossen, ob e sech wëllt an där Kommis-sioun engagéieren oder net, ob dat Mann oder Fra ass.

Et kann net sinn, dass elo einfach octroyéiert gëtt, dass gesot gëtt, elo musse Lëschen opgestallt ginn, déi paritéitesch sinn, an déi an d'Richtung vun enger Quote-regelung ginn. Ech mengen, dat Ondernokrateschst, wat et gëtt, ass eng Quoteregelung. Iergendwéi eppes ze forcéieren, wat am Fong déi Leit, déi et betrëfft, selwer iw-

werhaapt net wëllen. Dat ass de Problem.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et gëtt souguer Gemengen, déi méi wäit gaange sinn, déi e Service à l'Égalité des chances kreéiert hunn, wat e ganz wichtige Service ass, wou da professionell Leit sech ëm de Problem këmmere. Dat schéngt mir éischer d'Léisung ze sinn, de Gemengen dat ze suggérieren an ze soen, gitt an d'Richtung vun engem Service à l'Égalité des chances. Mä dann awer e Service à l'Égalité des chances, dee sech net nëmme ëm Fraen a Männer këmmert, mä sech ëm all Problemer vun der Ongläichheet këmmert, wéi zum Beispill och ëm déi Behënnert.

Dass dee sech dorëm këmmert, dass d'Gemengen emol endlech dee legale Prozentsaz vun de Behënnerte beschäftegen, wou se nach wäit hannendra sinn. Ëm déi Leit, déi keen Daach iwwert dem Kapp hunn, ëm déi Leit, déi exclus sinn. Ech mengen, dat ass Égalité des chances!

A wann ee schonn higeet a seet, mir hätte gär eng Commission à l'Égalité des chances, da musse mer awer all Problemer an der Ongläichheet mat do behandelen. Da muss dat eng Kommis-sioun sinn, déi awer effektiv dann och esou opgebaut ass an och déi néideg Aufgabe kritt, fir an déi Richtung ze goen. An dat ass dat, géif ech mengen, wat mir ënner Égalité des chances verstinn. Well, mir hunn d'Gesetzter gemaach, alleguerten am Interess vun der Fra, déi gutt sinn, mä wéi nach eng kéier gesot, déi musse mer kënnen an der Praxis ëmsetzen, an do, do läit de Problem.

Esou eng Kommis-sioun, wéi mir se hei einfach wëllen octroyéieren, an och dann nach wëllen octroyéieren, wien dann do därerf dran a wien net do dran därerf, ech mengen, dat kann net fonctionnéieren. An all Gemengekommissiounen, déi am gudden Glaf vun de Gemengepappen oder -mammen dohin-nen gesat ginn, dat si konsultativ Kommis-siounen, déi d'Gemenge beroden. An och wa mer géifen eng gesetzlech Kommis-sioun hei schafen, esou wéi se hei steet, dann hätt se nach ëmmer nëmme e konsultative Charakter, dat heescht, si wär ëmmer nach nëmme do fir d'Gemengen ze beroden, se kënn also net méi maache wéi eng aner Kommis-sioun.

Also schéngt et mer sënnslos ze sinn, hei elo iergendenger Kommis-sioun e gesetzleche Kader ze ginn, iwwer aner Kommis-siounen ze setzen; sou wéi de Statsrot och a sengem Avis gesot huet, déi gradesou wichtig sinn, wéi Finanz-kommis-siounen oder wéi aner Kommis-siounen. Dat heescht also, et huet kee Sënn hei enger Kommis-sioun e gesetzleche Kader ze ginn, déi net méi Pouvoir huet wéi all déi aner konsultativ Kommis-siounen, dat heescht e konsultative Charakter.

(Interruption)

D'Ausländerkommissioun ass vum Gesetz hier festgeluecht. D'Miet-kommis-sioun ass och vum Gesetz hier festgeluecht.

(Interruption)

Mä do ass awer net dra festgeluecht, dass esou vill Prozent Männer oder Frae mussen dra sinn.

(Interruptions)

M. le Président. - Ma da reizt och net ëmmer den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling (ADR). - An der Ausländerkommissioun ass just eng Paritéit zwësche Lëtzeburger an Ausländer an net zwësche Männer a Frae festgeluecht. Dat schéngt mer awer logesch ze sinn. Et ass awer net festgeluecht wéi vill Männer a Fraen, dass mussen do dra sinn. Dir kënn awer net hei Äppel mat Bire vergläichen. Also, ech soen lech just,...

(Interruptions)

M. le Président.- Wann ech gelift.

M. Aly Jaerling (ADR).- ...egal wéi et ass, d'Fraen oder d'Männer, egal ween et ass, musse fräi Wiel behalen, wat se wëlle maachen an a wat fir eng Richtung, dass et geet. Ech kann nëmmen un e Spréchwuert erënneren: „Et kann een e Kaméil bis bei d'Waasser féieren, mä drénke muss et selwer.“

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien, excellent.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Voilà. Merci, Här Jaerling. Dann huet nach d'Wuert d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs. Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de l'Égalité des chances.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing fir d'éischt wëllen der Madame Dagmar Reuter-Angelsberg Merci soen, déi sech zu hirer Zäit als Deputéiert hei déi Aarbecht gemaach huet fir eng Proposition de loi op den Instanzewee ze ginn, an och selbstverständlech mech de Félicitatiounen uschlësse fir de Rapport vun der Madame Loschetter, déi deen elo am Numm vun der grénger Fraktioun gemaach huet, an dann denken ech sécher och am Numm vun der Madame Reuter-Angelsberg.

Dës an déi viregt Regierung - den Här Grethen huet dat elo grad gesot - geet net op de Wee vun der obligatorescher Aféierung vun esou enger Kommissioun. Ech géing och wëllen hei ervirhiewen, den Här Grethen hat gefrot, wéi dat mat deene Féminisatioun vum den Nimm do wier, an ech géing mer eng Freed doraus maachen, dem Här Grethen e Guide zoukommen ze loossen, deen hei zu Lëtzebuerg erauskomm ass - ewell méi laang, et ass ewell déi zweet oder déi drëtt Oplag, déi besteet - a wou déi verschidden Nimm a Fonctiounen drastinn. Ech sinn awer och ganz frou, dass den Här Grethen, als Fraktiounschef vun der DP, an där Kommissioun do dran ass. Et ass och wichteg...

M. Henri Grethen (DP).- Nëmme fir deen Aspekt.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de l'Égalité des chances.- Nëmme fir den Aspekt vun der Egalitéit zwësche Männer a Fraen.

Et ass wichteg, dass och Männer op deene Plazen do sinn an net nëmme Fraen, sou wéi ech och frou sinn, dass sou vill Kolleegen den Owend hei sinn, fir dës Debatt bäizewunnen, dass ass alles den éischte Wee bei der Ënnerstëtzung vun de Fraen, fir dat dann alles fäerdeg ze kréien, wat mer eis wënschen.

Mir hunn de 5. Juli eng Circulaire virgestallt, déi mir, den Innenminister, de President vum Syvicol an ech selwer, de Gemenge geschéckt hunn - iwwregens och op Wonsch vun der Kommissioun - a wou och gefrot ginn ass, dass déi eenzel Buergermeeschteren deenen neie Kandidate sollen déi Circulaire zur Verfügung stellen.

Mir hunn domadder awer net ugefaangen. Ech wëll just soen, dass 1995 de Conseil national des Femmes - déi jo de Mëtten an der Chamber ware fir nach eng Kéier hir Revendicatiounen ze ënnersträichen am Kader vun drëten europäesche Programm fir Chancëgläichheet vu Fraen a Männer a fir de Projet politique et communal à l'égalité des chances ze lancéieren - ënnerstëtzt ginn ass vum Ministère du Travail, vum Syvicol a vun deem nei geschafenen deemolege Ministère vun der Promotion féminine. Dat ass jo ëmmer eng Fro, ob een e Glas hallef voll oder hallef eidel gesäit.

Mir hate Succès an deene leschten zéng Joer, wann ech bedenken dass mer 2005 74 Chancëgläichheitsdelegéierten haten, 41 Kommissiounen an de Gemengen an och aacht Servicer an de Gemenge Beetebuerg, Suessem, Esch, Déifferdeng, Diddeleng a Schëffleng. An och zwee regional Servicer, déi am Kader vun dem Leader fonctionnéieren, eng Kéier d'Genderhaus zu Réiden an och eng Kéier de Mouvement pour l'égalité des femmes et des hommes am Osten. Ech hoffe just, dass déi Servicer och iwwert déi Leader-Programmer eraus bestoe bleiwen an net erëm verschwanden, wann eng Kéier déi Gelder do net méi vun Europa zur Verfügung stinn.

Selbstverständlech mussen déi Campagnen an Informationsversammlungen, déi d'Delegéierten ënnerstëtzen, och vum Conseil national des Femmes virugefouert ginn, wou semestriel, regional Réunionne gemaach ginn, wou Austausch vun Erfahrung a vu Wësse gemaach gëtt a wou och déi nei Delegéierten dohinner kënne kommen. An ech ginn awer gären zou, dass de Prozentsaz vun 10 op 15%, net terribel grouss war an ech géing wierklech hoffen, dass en dës Kéier vu 15 weinstens op 30% géing eropgoe bei deenen nächste Gemengewahlen, ouni dass ech mer awer do alze vill Illusiounen maachen.

De Conseil national des Femmes huet och e Réseau zwéischent deene professionnelle Servicer an d'Liewe geruff, an zënter 1997 besteet fir de Service à la politique communale d'égalité des hommes et des femmes eng Konventioun zwéischent dem Ministère an dem Conseil national. Dës Servicer ginn de Gemengen technesch Hëllef beim Plange vun neie Strukturen an och vun Aktivitéiten, an ech denken och, dass si hëllef, deen Gender mainstreaming och ëmzesetzen.

D'Regierung selwer hat de 27. Mee ugehall, dass mer an all Ministère eng Genderkompetenzzell aféieren a mir wäerten och e Plan d'égalité fir Fraen a Männer hei an der Chamber virleeën, dee selbstverständlech och mat den ONGen an och mat dem Comité du travail féminin vervollstännegt gëtt.

Mir mussen 2006 erëm eng Kéier bei d'UNO goe fir eise fénnefte Rapport Seda virzustellen an ech géing wierklech en eindringelchen Appel un d'Chamber maache fir eis ze hëllef, net nach eng Kéier mussen erklären ze goen, mir hätten nach ëmmer eis Verfassung net ëmgemat, wat Egalitéit zwéischent Männer a Frae géing ubelaangen an dass mer och beim Gesetz iwwert den Numm vun de Kanner kënnte soen, och dat hätte mer aus der Welt geschaf. Da géinge mer als Lëtzebuurger Land e bësselchen e bessert Bild maachen, wéi dass ech fir d'drëtte Kéier dohinner kommen an erklären, mir maachen dat elo direkt an dat kënnt elo, an an zwee Joer steet erëm deeselewachten do a seet erëm eng Kéier, mir sinn net esou wäit, also ech wier Iech ganz dankbar, wann Dir mech dobäi géingt ënnerstëtzen.

Une voix.- Mir ënnerstëtzen Iech.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de l'Égalité des chances.- Merci villmools.

Fir awer op de Gemengenniveau zréckzekommen ass et och kloer, dass mat dem INAP - an duerfir ass et och gutt, dass de Minister vun der Fonction publique hei ass - genügend Formatiounen ugebuede ginn, och fir an de Gemengen den Gender mainstreaming als Aarbechtsmethod unzegesinn an och alle Fonctionnaires dat ze vermëchten.

Une voix.- Dat gëtt schwieereg!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de l'Égalité des chances.- Dat bedeit, dass mer kucke wéi d'Gesetzer an d'Reglementer sech auswirken op Männer an op Fraen, ob se sech d'selwecht auswirken oder aneschtens auswirken, Projeten a Programmen ënnersichen op hir ënnerschiddlech Auswirkung op déi zwee Geschlechter, fir wann Differenzen do wieren deem dann do entgéintzewirken an och dass ee soll kucken an der Duerstellung an de Publikatiounen, dass een do och gesäit, wou d'Männer a wou d'Fraen do dra sinn.

Wichteg sinn awer selbstverständlech och d'Statistiken. An ech war eigentlech verwonnert, wéi dës Kéier d'Leit esou erstaunt waren, a gesot gouf, hei d'Meedercher hu besser ofgeschnidden am Premièresexamen.

Fir déi, déi sech ewell e bësse méi laang dorëm gekëmmert haten, war dat eigentlech keng grouss Nieigkeet...

(Interruption)

...mä et ware mol Statistiken, déi doriwwer komm sinn an et ass awer heiansdo gutt, wann een dat dann och ka beleeeën. An trotzdeem, dass d'Meedercher ewell méi laang besser Resultater hunn, Madame Brasseur, stelle mer awer fest, dass mer se an der Economie awer nach ëmmer net op deenen héchste Plazen a genügendem Mooss virfannen. Esou dass mer denken, dass mer och do déi Efforten, déi mer gemaach hunn, och an Zukunft musse viruféieren.

Mir haten elo hei d'Diskussioun iwwert den Genderbudget, an ech mengen och dat ass deen, dee wahrscheinlech am schwéiersten ëmzesetzen ass, an och do si mer amgaangen ze kucke fir Coursen ze organiséieren, fir dass och d'Leit esou gutt beim Stat, wéi och an de Gemengen, wësse wéi se sech do mussen organiséieren an no wat se do musse kucken; an am Oktober/November ginn déi éischt Coursen doriwwer och ofgehalen.

D'Objektiver vun där Circulaire, déi mer geschéckt hunn, ware selbstverständlech d'Ëmsetze fir Chancëgläichheet a Gläichstellung vu Fraen a Männer, déi selbstverständlech net soll Gläichmaacherei sinn, Här Grethen, an Dir kennt mech gutt genuch fir ze wëssen, dass ech dee Leschte wier, deen d'selwecht wëllt si wéi...

(Interruption)

Ech weess dat, ech weess dat.

...ee Mann. Ma Dir hat gesot, Dir wiert géint d'Gläichmaacherei, ech si selbstverständlech och géint d'Gläichmaacherei, well mer géingen eis selwer ganz viles ewechhuelen, wa mer alleguerten d'selwecht wieren, also dat wëlle mer sécher net.

(Interruptions et hilarité)

Responsabilitéit awer selbstverständlech och op dem lokalen Niveau an do hunn och déi lokal Responsabel eng Aufgab ze maachen. Si stinn am enke Kontakt mat de Gemengen an der Populatioun a se hunn en direkten Afloss op dat aldeeglecht Liewe vun de Leit. Si schafen d'Rahmbedingunge fir ze bauen, fir d'Schoulen, d'Schoulweeër, de Schoultransport, mä awer och d'Veräinsliewen an d'Sécherheet.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Ech géif em e bëssen Opmierksamkeet bieden.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de l'Égalité des chances.- Si beaflossen d'Transportverbindungen, d'Schafe vu Servicer fir Kanner, Jugendlecher an och fir eeler Leit, an och do geet et

dorëms fir ze kucken, ob déi richtig Auswierkungen esou gutt fir Frae wéi fir Männer do sinn. Männer a Frae ginn aneschtens a sinn aneschtens sozialiséiert. Si hunn aner Rollen. Si kréien och anerer vun eiser Gesellschaft zougeduecht. Trotzdem gesi mer, dass dat awer och ëmmer erëm changéiert.

Wichteg ass, dass an der Gemeng selwer de Schaffen- an de Gemengeter an der Deklaratioun d'Chancëgläichheet zwësche Männer a Fraen aschreiwen. Dofir hu mer och gemengt, dass wier e gudd Moment, fir elo dorobber opmierksam ze maachen. Ech hunn déi Id-di vum Här Klein eng gutt fonnt, fir ze soen, et wier wichteg, dass net een eenzege Chancëgläichheitsdelegéierten a sämtleche Kommissiounen wier - ech verstinn och, dass dass net méiglech ass -, mä déi Leit, déi an der Kommissioun do dra wieren, dass och een, net wéi gesot ëmmer deeselewachten, mä een awer och kënnt an déi aner Kommissioun lauschtere goen, fir domadder och d'Informatioun ze kréien, wat do geschitt, mä awer och, fir d'Informatiounen do virunzeginn.

D'Schafe vun engem Service professionnel Berodung bedeit och professionell Berodung fir de Schaffen- an de Gemengerot an d'Analys vun der Situatioun vun de Fraen a vun de Männer an der Verwaltung, mä och an der ganzer Gemeng an duerno en Aarbechtspang fir d'Verwaltung an och déi ganz Gemeng.

Mir hunn esou ee Pilotprojet de Moment an der Gemeng Péiteng an do hu mer e Questionnaire standard erausginn, fir d'Situatioun an d'Besoinen vum Personal ze kennen. Eng Offer vu Coursen iwwert d'Grundkenntnisser vun der Gläichstellungspolitik ass wichteg fir d'Gemengepersonal, well si jo e Multiplicateur sinn op dem Terrain. Mä awer och Offere vu Coursé fir spezifesch Besoinen si wichteg, an hei hu mer vun der Gemeng Péiteng gesot, dass dat besonnesch fir d'Kommunikatioun gëllt, an do hu mer eng éischt Etapp gemaach mat Formatiounen fir d'Beamten, eng zweet fir d'Aarbechter, déi am September ugeet, an déi drëtt Etapp wäert no de Wahle virugefouert ginn. Déi Circulaire gëtt de Gemengen Unhaltspunkte.

Dat, wat alles an deene leschte Jore gemaach ginn ass, steet an de Broschüre vum Conseil national des Femmes, an international Beispiller gëtt et och iwwert den CCRE, wat dem Syvicol seng europäesch Aarbechtsgrupp ass. Ech denken, dass een och muss gesinn an enger Gemeng, dass niewent dem Fait, dass et an der Schafferotserklärung dran ass, och wichteg ass, dass verschidde Plazen ontypesch besat ginn, zum Beispill mat Gäertnerinnen, mat Ingenieurinnen, an engem Telefonist oder mat engem Botzmann, dass ee gezielt Männer...

M. le Président.- Madame Minister, Dir musst esou lues zum Schluss kommen, Är Zäit ass eriwier.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de l'Égalité des chances.- Ech halen direkt op, Här President.

D'Gemeng schreift gezielt Fraen a Männer an de Circularen an och an de Bréier un, oder fördert d'Gläichstellung doduerch, dass se Plazen no bekannte Fraen nennt. Ech denken och, dass et wichteg ass, bei allem, wat mat dem Bauen ze dinn huet, och do déi ënnerschiddlech Besoinen vu Fraen a Männer ze gesinn, wéi familjefrëndlech Stroossen, Spillplazen, Rouzonen, Akafsméiglechkeeten an esou virun.

Ech muss mech tommelen, well den Här President seet mer, ech hätt keng Zäit méi.

Ech denken, dass och d'Maisons relais e wichtege Punkt doranner sinn, well et ass ee wichtigen

Deel, an och dass ass hei ervirgehuewe ginn, wa mer gären hätten, dass Leit kënne a Familje kommen, décidéiere wéi se hiert Liewen organiséieren, da musse genügend Structures d'accueil do sinn, déi flexibel genuch sinn, fir dass och d'Eltere kënne hirer Aarbecht nogoen.

Op där anerer Säit gëtt et awer och ze kucken, wéi déi nei Liewensverhältnissen sinn, ze kucken zum Beispill, wa während dem Dag d'Familljen net méi doheem sinn, well se schaffe ginn, da muss een och kucken, dass d'Gemengeservicer méi laang op sinn. Et muss een och kucken, dass een owes zum Beispill, wann de Bus kënnt, een deem och ka soen: „Hei hal bei menger Dier stall, aus Sécherheitsgrënn, net dass ech muss bis op deen nächsten Arrêt fueren.“

Et gëtt also ganz vill praktesch Moossnamen, déi een och ka maachen, fir de Leit, de Bierger an de Biergerinnen domadder hiert Liewe méi liicht ze maachen. Et ass also net nëmmen eng theoretesch Diskussioun, déi mer hei féieren, mä eng ganz praktesch. Ech hoffen op jiddfer Fall, dass, wa mer eis am Oktober hei erëm gesinn an d'Gemengewahlen eriwier sinn, en anert Bild an eise Gemengen ass wéi dat vun de 15% vu Fraen, déi bis elo do mat dobäi waren.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domadder ass dëse Punkt ofgeschloss. Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5254 iwwert d'Kennzeechnung vu geféierleche Preparater. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Ali Kaes.

8. 5254 - Projet de loi relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Ali Kaes (CSV), rapporteur.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet, dee mer haut den Nomëtteg hei an der Chamber wäerten ofstëmmen, huet u sech keng grouss politesch Bedeitung, wat awer net wëllt heeschen, dass et en onwichtigen Text ass.

Dëse Projet betrëfft eng Matière, déi eng grouss Wichtegkeet huet, speziell fir déi Leit, déi mat geféierleche Substanzen a Produkter respektiv Preparatiounen musse schaffen oder dagdeeglech domadder mussen ëmgoen.

Chemesch Produkter, Dir Dammen an Dir Hären, sinn an eisem Alldag omnipresent, well mir gräfe praktesch all Dag op esou chemesch Preparater zréck. Och wann net all Preparatiounen geféierlech si fir de Mënsch respektiv fir d'Ëmwelt, esou stelle mer awer fest, dass eng Rei vun hinnen u sech eng reell Gefor fir de Mënsch duerstellen oder zu engem Risiko kënne ginn, wa se net richtig benotzt ginn, respektiv wa se regelméisseg iwwer eng länger Zäit net richtig agesat ginn.

Et ass dofir wichteg iwwer eng kloer Reglementatioun vun dësen Produkter ze verfügen, an dat fir éischstens eng Kontroll ze hunn, wat schlussendlech op de Maart kënnt, an zweetens fir sécher ze sinn, dass de Benotzer och beschmëglech iwwert d'Risiko vu geféierlechen Produkter informéiert ass.

D'Mise sur le marché vu geféierlechen Preparater ass um europäeschen Niveau staark reglementéiert. D'Evaluatioun vun de Risiken, déi esou Preparater fir d'Gesondheet a fir d'Ëmwelt kënne duerstellen, wéi och déi noutwendeg Informatioun fir de Benotzer vun esou Preparater si Géigestand